Lëtzebuerger Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf – Guide and Scout Centre | Neihaischen – Guide and Scout Centre | Fënsterdall – Scout Campground | LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

4/2022

***Léif Memberen a Frënn,***

*Um Schluss vum Joer wëlle mer der nach eng Kéier weisen, wat mer an de leschte Méint esou geschafft hunn. No der grousser Vakanz hate mer ee Stand um Chefdag vum Verband, wou de Shop een Deel vu sengem Assortiment dobäi hat, mer ee gut besichten Holzatelier ugebueden hunn an ee bei onsem Spill och eppes gewanne konnt.*

*Um Neihaischen koum endlech de Bagger an et gëtt elo monter an d'Héicht gebaut an zu Bilschdref gouf ee Floumaart organiséiert, fir d'Aktivitéiten vum Comité Bilsdorf z'ënnerstëtzen.*

*An de Comité Shop kuckt weiderhin fir dass ons Guiden a Scouten tipp-topp équipéiert sinn. Besonnesch d'Zesummenaarbecht mat eiser ONG fir d'Foularden am Senegal bitzen ze loossen wëlle mer weider ausbauen.*

*Am Numm vun der ganzer asbl vun de LGS wënschen ech jidferengem besënnlech Feierdeeg, ee gudde Rutsch an alles Guddes fir 2023.*

***Eric***

## Um Chefdag 2022 zu Ettelbréck

Och dëst Joer war d'Asbl um Chefdag vertrueden mat engem **Holzatelier** an eisem **Geschécklechkeets-Worfspill,** wou d'Chef an d'Cheftaine flott Gadgete konnte gewannen.

Och eisen **LGS Shop** war do an huet all méiglech Scouts-artikelen ugebueden.

De Chefdag war eng gutt Geleegenheet fir der Asbl hir Servicer de Chef/taine ze presentéieren.







info@asbl.lgs.lu
5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg
Banque Fortuna IBAN LU08 0100 7201 3325 0550

# «Un chantier **peut en cacher un autre**»



No vill Geplangs an Autorisatiounsprozedure goung et Sonndes den 11. September mam neie Chantier um Neihaischen lass. Eng sëllege Virbereedungen hu mir bis Méindes gemaach éier Dënschdes d'Terrassementsaarbechte lass goungen. Mir hunn den **Hellege Georges** erof geholl, renovéiere gelooss an op der aner Chaletssäit nees opgehaangen, **Hecke goufen ëmgesat**, Dieren a Fënstere verbarrikadéiert an den alen Entréeswee dee bis Ënn Nonzeger Joren do war, ass elo nees op.



Zënterhier goufen e **néie Kanalstrang, e Local technique an e Keller** bäigebaut. Bis d'Chrëschtvakanz hu mer wëlles fir den éischte Stack drop ze hunn, nom Congé collectif den zweete Stack a fir Ouschtere soll den Daachstull stoen. D'Ëm- an Ausbauaarbechte ginn den **1. Mee 2024 ageweit**. Save the date!



Parallel hu mir virun eise **Chalet op** fir Guiden-, Scouts- a Jugendgruppen. E permanente a **benevolen Asaz** vun eise **Comitésléit** mécht et méiglech, datt mer Weekend fir Weekend ëmmer nees prett si fir eis Gruppen; Woch fir Woch garantéiere mer eng sëllegen Hierschtaarbechten op der Campplaz an am Scoutsbësch. Fir esou, trotz Schantjen, fir ons Jugend mat engem sécheren a flottem Neihaischen mat faire Präisser do ze sinn.



*De Comité Neihaischen*





## „Eise Floumaart, är Plaz fir een nohaltegen Kaddo fir d'Feierdeeg ze fannen"

Niewend dem traditionellen Floumaart den 29./30. Oktober 2022 am Relais de l'Amitié, hatt de Comité & d'Ekipp Bilsdorf och nach een **„Upcycling"-Stand** ageriicht, wou een Iddi'en konnt sammelen fir aus ale Saachen eppes Neies ze kreéieren a sou een Beitrag zu enger besserer an nohalteger Welt ze leeschten. Sou konnte mir an enger gudder Ambiance a bäi guddem Wieder, bannen a baussen vill grouss a kleng Fléi verkafen.










## LGS-Shop by Lessure

Den LGS-Shop by Lessure an der Origerstrooss op der Gare léisst iwwert d'Chrëschtdeeg seng Diere vu **Méindes, den 19. bis den 31. Dezember 2022 inclus zou.** Duerno ass de Shop nees zu senge gewinnten Zäiten op.

Den **Tramsarrêt** „Paräisser Plaz" ass 1 Minutt vum LGS-Shop ewech. Och mam **Zuch** a mam **Auto** bleift den LGS-Shop weiderhinn gutt erreechbar. Genuch Parkplaze ginn et an de Parkinger **Neipperg a Rocade**. Vun hei aus ass een an e puer Minutte beim Shop.



## Wichteg Datumer

| | |
|---|---|
| **Mëttwochs, den 22. Februar 2023:** | Uerdentlech **Generalversammlung** LGS asbl |
| **Samsdes, de 4. Mäerz 2023:** | **Thinking Day** am Zentrum vum Land |
| **Méindes, den 1. Mee 2023:** | **1. Mee-Feier** um Neihaischen |
| **Donneschdes, den 18. Mee 2023:** | **Kiermes** zu Bilschdref |